N°599
Entrée le 11.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.04.2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

*„Déi fréier Gesondheetsministesch hat eis 2023 matgedeelt, datt dru geduecht gëtt, fir d'Kapazitéite vum Centre national PET (CN PET) z'erweideren, dëst fir verlängert Waardezäiten ze vermeiden. Et war hirer Opfaassung no wichteg, fir d'Offer u Plagen duerch een zweeten Apparat ze verstäerken. Eng zukünfteg Upassung vun der Annexe vum Spidolsgesetz géif och d'Uschafung vun engem zousätzleche PET-CT virgesinn, sou déi fréier Ministesch. Fir d'Leit aus dem Norde wier et awer vu Virdeel, wann och op Ettelbréck ee PET-CT kéint kommen. Dës mussen nämlech dacks wäit Weeër op sech huelen, verbonne mat engem groussen Zäitopwand. Op Ettelbréck kéinten och Patienten aus dem Zentrum an aus dem Weste vum Land kommen – net ze vergiessen och Biergerinnen a Bierger aus dem Kanton Iechternach.*

*An deem Kontext wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch follgend Froe stellen:*

1. *Wou sinn d'Virbereedungsaarbechte fir d'Uschafung vun engem weidere PET-CT momentan drun?*
2. *Ass d'Madamm Ministesch gewëllt fir Gespréicher mat der Direktioun vum ChdN opzehuelen, fir datt sou eng Offer och am Norde vum Land verfügbar wier?*
3. *Wéi huet sech d'Zuel vun de Behandlungen an deem Beräich zanter 2014 entwéckelt?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Carole HARTMANN
Deputéiert

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu